N°3110
Entrée le 10.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°3110 vum 24. Oktober 2025, vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement zum Sujet « Difficultés d'obtention d'un titre de séjour malgré un emploi stable ».

1. Wéi vill Fäll sinn dem Ministère bekannt, wou Persounen trotz enger fester Aarbechtsplaz an enger korrekter Umeldung beim Centre commun de la sécurité sociale keng Openthaltsgeneemegung kréien?

Et ass leider net méiglech erauszefanne wéi vill Drëttstaatler trotz enger fester Aarbechtsplaz an enger Umeldung beim Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) keng Openthaltsgeneemegung kréien. Persounen, der hiren Openthaltsstatus regulariséiert gëtt, befannen sech a ganz verschidde Situatiounen. Deementspriechend variéieren d'Grënn, déi zu enger Regularisatioun féieren a musse vu verschidde Servicer traitéiert ginn. Dofir ass et net méiglech pertinent Statistiken ze erstellen.

2. De Minister schreift a senger Äntwert, datt vun 2021 bis 2024 insgesamt 156 Persounen iwwer de Forum ONG regulariséiert goufen. Kann de Minister eng Opschlësselung no Joer ginn, an erklären: Wéi vill Demandë goufen et insgesamt an deem Zäitraum ?Wat ass an der Moyenne d'Beaarbechtungszäit fir esou eng Regularisatioun? Wéi vill Demandë goufe refuséiert an aus wéi enge Grënn?

De Forum ONG fënnt dréi mol am Joer statt wou 3 ONGen (ASTI, CLAE an HUT) am Duerchschnëtt 5 Dossieren auswielen a präsentéieren. En Dossier kann e puer Leit betreffen.

D'Beaarbechtungszäit ka variéieren: wann den Dossier komplett ass, kann eng Regulariséierungsdecisioun an den nächsten Deeg nom Forum ONG geholl ginn. Wann nach en Dokument feelt, wéi zum Beispill e valabelen nationale Pass, kann et méi laang daueren.

| | Total Persounen | Total Persoune Regularisatioun |
|---|---|---|
| 2021 | 61 | 52 |
| 2022 | 44 | 37 |
| 2023 | 49 | 37 |
| 2024 | 49 | 31 |
| Total | 203 | 157* |

*Eng weider Persoun konnt regulariséiert gi well den Dossier komplett war.

Ursaachen déi géint eng Regularisatioun geschwat hu waren villfälteg:

- Déi Concernéiert, waren zum Beispill wéinst Stéierung vun der ëffentlecher Uerdnung (trouble à l'ordre public) opgefall;
- Et goufen Zweifel iwwert d'Identitéit vun der Persoun;
- Et loungen falsch Aarbechtskontrakter (contrat de complaisance) vir;
- Et goufe preexistent Refusen déi vun de Gerichter confirméiert goufen an d'Persoun hat sech verweigert d'Land ze verloossen;

- Et goufen net genuch Beweiser dat d’Persoun sech effektiv zu Lëtzebuerg opgehalen huet oder et gouf keng besonnesch Partikularitéit am Dossier, déi eng Regularisatioun justifiéiert hätt.

Lëtzebuerg, den 10. November 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden